PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 08/09/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Finanzen weiderzeleeden.

Wéinst der Covid-19 Pandemie goufen 2020 an 2021 d'Delaie fir d'Areeche vun der Steiererklärung fir d'Joren 2019 an 2020 no hanne verréckelt an d'Steierverwaltung war méi nosiichteg wat d'Nobezuele vu Steieren ugaangen ass. Och bei den Delaie fir d'Bezuele vun der TVA war de Staat méi nosiichteg wärend der Covid-19 Kris.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Ass de Staat weiderhi méi nosiichteg, wat Delaie fir d'Bezuele vun de Stéieren an d'TVA ugeet? Ginn déi fir d'Joer 2021 an 2022 festgesaten Delaien erweidert?

2. Wa jo, wat fir konkret Delaie wäerten applizéiert ginn?
   Gëtt hei een Ënnerscheed gemaach tëscht de Betriber an de privat Persounen?

3. Applizéiert d'Steierverwaltung déi monatlech festgehale maximal Limitte fir Saisien op d'Paien oder gëtt och hei méi nosiichteg mat manner héije Montante geschafft?

4. Gëtt de Leit an de Betriber, am Kontext vun der Energiekris, allgemeng méi Zäit gelooss fir hir Steierscholden ze begläichen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député